



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch an der Madamm Justizminister op d'parlamentaresch Fro n°6315 vum 8. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser.

1) Wat geschitt am Ablack hei zu Lëtzebuerg mat "iwwerschössegen Embryonen"? Ginn et do spezifesch Reegelingen? Wann nee, firwat huet d'Regierung an deem Beräich bis elo net legiferéiert? Wat mécht d'Regierung fir de Schutz vun désen Embryonen?

Kann d'Regierung confirméieren, datt dés Embryonen net fir d'Fuerschung benotzt ginn? Wei positioneiert sech d'Regierung zum „don d'ovocytes“ an zum „don d'embryo“ (wann eng Koppel, d&i hir PMA net weiderfeiere wäll, well se beispillsweis gescheet gätt oder sech trennt, oder we&inst „incapacite permanente de décision“, „hiren“ Embryo un eng aner Koppel weidergätt), zwou Praktiken, dei hei am Land existeieren, awer bis elo net kloer qereegelt sinn?

D'iwwerschësseg Embryoen an Eezellen ginn mat Erlaabnis vun der Koppel fir hir perséinlech Besoine agefruer oder zerstéiert wann d'Koppel hir PMA net weiderféiere wëll. All fënnef Joer ginn déi betreffen Persounen ugeschriwwen fir ze kucken wéi sie mat hiren agefruerenen Embryoen oder Eezellen virun fueren wëllen.

Et ass net erlaabt des Embryoen fir d'Fuerschung ze benotzen.

Den Gesondheitsministère ass aktuell am gaangen en Dossier opzestellen iwwer ë.a. déi vum honorabelen Députéierten opgeworfen Froen fir d'national Ethikkommissioun domat ze befaassen, dëst am Virfeld vum Ausschaffen vun engem spezifeschem Gesetz. Au vu vun der Komplexitéit vun dësem Dossier, mussen allerdéngs nach eng Rei intern Arbechten oofgeschloss ginn, iert den Dossier un déi national Ethikkommissioun goen kann.

2) Wat fir Reegele ginn am Ablack am Hibléck op preimplantatoresch a prénatal Ennersichungen applizéiert?

D'Gesetz vum 1. August 2007 « relative aux tissus et cellules humains destinés à des applications humaines » gëtt applizéiert.

3) Ass et fir Koppelen, déi eng PMA wénschen, verpflichtend, datt si iwwer d'Risiko vun esou enger medezinescher Prozedur genau Bescheed wéssen?

Am Kader vun der PMA an den Risiken vun enger PMA gëlt daat modifizéiert Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwer d'Rechter an d'Pflichten vum Patient, (loi modifiée du 24 juillet 2014 relative aux droits et obligations du patient. article 8, point (4) : « Les soins de santé à un patient disposant de la capacité nécessaire ne peuvent être prestés que moyennant son consentement préalable, libre et éclairé, donné à la suite d'une information adéquate. [...] Comme tous actes médicaux, les problèmes et complications possibles sont accessibles au patient. »). Dëst Gestz gesäit vir dass all Patient iwwer medezinesch Akten muss opgekläert ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2022

D'Gesondheitsministesch
(s) Paulette Lenert